PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 20/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°1822 wollt ech méi iwwert d'Ëmsetzung vun der EU-Direktive 2016/1148 wëssen, déi mam Gesetz vum 28te Mee 2019 zu Lëtzebuerg transposéiert gouf a bei der et iwwer d'Moossname fir d'Gewährleeschte vun engem héije gemeinsame Sécherheetsniveau vun Netz- an Informatiounssystemer an der EU geet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A senger Äntwert schreift de Premierminister:

   > "Den ILR huet am Total bis elo 44 OSE identifizéiert[...]. D'CSSF schätzt, dass manner wéi 10 Etablissementer ënnert deene vun hir festgehalene Critèrë wäerte falen an als OSE klasséiert wäerte ginn."

   Wéi sinn d'Nimm vun de klassifizéierten OSEen?

2. D'Gesetz an d'Direktive gesinn nieft den OSEen och d'Klassifizéierung vu *Fournisseurs de services numériques (Digital Service Provider oder DSP)* vir.

   Opgelëscht no de Punkten 16 bis 18 vum Artikel 2 vum Gesetz (dat sinn: Place de marché en ligne, Moteur de recherche en ligne, Service informatique en nuage), wéi vill Organisatioune sinn zu Lëtzebuerg als Services numérique klassifizéiert ginn?

3. Wéi sinn d'Nimm vun de klassifizéierten DSPen?

4. Op d'Fro vun den Auditten äntwert de Premierminister:

   > "Auditten sinn am Kader vum Gesetz vum 28 Mee 2019 méiglech awer net zwéngend, sou dass den ILR elo direkt net geplangt huet fir Auditten ze maachen."

   - Wei kann den ILR seng Aufgab ouni Auditten am Sënn vum Artikel 15 (3) vun der Direktive vollzéien ?

- Wéi vill Budget gouf dem ILR am Kontext vun der Direktivean dem Gesetz fir dës Missioun zougesprach ?
- Sinn an deem Budget d'Ressourcë fir d'Realiséierung vun Auditte mat budgetéiert oder net?
  - Falls jo, wéi vill Sue goufen am Budget fir d'Auditte virgesinn a goufen eventuell scho gebraucht?
  - Falls nee, firwat net?

5. Wéi vill substantiell Incidenten goufe bis dato un d'CSSF & den IRL gemellt ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député